

<p>FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG asbl</p> 	<p style="text-align: center;">FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.</p> <p style="text-align: center;"><i>Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc</i> <i>Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005</i></p> <p style="text-align: center;">Bureau : 15, rue de l'Ecole L- 9167 MERTZIG Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989 E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu</p> <div style="display: flex; justify-content: space-between; align-items: center;">   </div>
--	---

Mäerzeg, den 21. August 2019

Déi 4 Verrieder vun der FSHCL am CSC ginn een avis défavorable fir de *Règlement grand-ducal arrétant les limites des lots de chasse* of.

Dat aus folgendem Grond :

D'Reklamatioune vum Public well juegdlech an ökologesch Kriterien net respektéiert gi sinn, sinn net sou considéiert ginn, wéi si hätte misse consideréiert ginn.

102 Reklamatioune sinn net zeréckbehale ginn, entre autre mat der Argumentatioun, dat de Respekt vun dese Reklamatiounen ze kleng Nopeschlousen (ënner 300 ha) bewierkt hätten.

Den Artikel 21 vum Juegdgesetz ass an deem Sënn formell. D'Juegdlose muss souwuel juegdlechen an ökologesche Kriterien entsprechen ass wéi och eng Mindestgréisst vun 300 ha hunn.

Ausserdeem si mir der Meenung, dat de Public eng zweete Kéier d'Méiglechkeet muss kréien Reklamatiounen ze formuléieren.

En effet: déi 102 Ännerungen, déi op Grond vu Reklamatioune gemaach goufe, betreffen op d'mannst 204 Lousen. Wat fir ee Lous gutt ass, muss et net och fir d'Nopeschlous sinn.

Mir sinn duerfir der Meenung, dat dese Projet net ausgeräift ass an iwwerschaft muss ginn. Et besteet keng Urgence a mir sollten eis zesummen déi néideg Zäit ginn, fir e gudde Projet ze realiséieren.

Als alternativ d'Proposition vun der FSHCL :

1. Zréck zeie vum *Règlement grand-ducal* iwwert d'Nei Opdeelung vun de Juegdlosen.

2. Dat aktuell Juegdgesetz adaptéieren dass di aal Lousen nach eng Kéier fir 3,4,5 Joer (Zäit die gebraucht gët fir all di eenzel Detailer a Schrëtt propper an transparent ofzeschléissen) kenne verlängert oder néi versteet ginn.

3. Mat der Ännerung kënt dann och nach di Problematik vun der Finanzéierung vun den néie Syndikater geléist ginn.

<p>FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG asbl</p> 	<p>FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.</p> <p><i>Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc</i> <i>Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005</i></p> <p>Bureau : 15, rue de l'École L- 9167 MERTZIG Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989 E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu</p>  
--	--

4. Ausschaffe vun Management Pläng fir di Haaptwëldarten (Réih, Routwëld an Schwaarzweïd).

5. Adaptatioun vun de Lousen op Basis vun de schonn ausgeschaffte Pläng no de Kriterien déi an de Management Pläng festgehale ginn. (z.B Upassung vun den Gréisste vun den Lousen beim Routwëld).

6. Bestëmme vun den Ofschosspläng fir die néi Lousen duerch CCR sou dat fir Verpachtung vun den néie Lousen die nei Pächter ganz genau am Bild si wat op den eenzelne Lousen muss geschoss ginn.